(Interruptions)

Den Här Hoffmann hunn ech net gesi gehat. Den Här Hoffmann enthält sech also.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Mir sollen d'Evaluatioun elo maachen an net an engem…

(Interruption)

M. le Président.- Laut Artikel 87 vum Chambersreglement sinn d'Motiounen 2 an 3 domat hifälleg.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6113, enger Ofännerung vum Gesetz vum 30. Mee 2005 iwwert de Schutz vun der Privatsphär. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Thiel, Bettel, Fayot, Adam, Colombera an Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Christine Doerner. Madame Doerner, Dir hutt d'Wuert.

5. 6113 - Projet de loi portant modification des articles 5 et 9 de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques et de l'article 67-1 du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media et des Communications

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.-* Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Geschicht vun der Datespäicherung am Viraus geet zréck op eng Direktiv vun 1995, déi d'Memberstate verflicht, dem Bierger seng Grondrechter a Grondfräiheete sécherzestelle beim Traitement vu perséinlechen Daten.

D'Telekommunikatiounsdateschutzdirektiv vun 2002 huet dëse strengen Dateschutz vu '95 opgehuewen, an domadder war d'Späicherung bei de Providere méiglech. Eng europawäit Späicherungsflicht ass awer eréischt duerch d'Direktiv vun 2006 agefouert ginn, awer huet weder den Zougang nach d'Verwendung vun den Date geregelt. Et ass dës Direktiv, déi mir haut sollen ëmsetzen. D'Ëmsetzungsdélaie fir déi klassesch Telefonie war de 15. Mee 2007, a fir d'Späicherung vun Internetzougang an E-Maile war op bis de 15. Märtz 2009, an dat, fir den Opérateuren Zäit ze loossen, fir dës enorm Zuel vun Daten ze verschaffen. Dës Direktiv bedeit eng europawäit Harmoniséierung vun der Datespäicherung a schaaft en eenheetleche Kader fir all d'Provideren.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Irland hat géint dës Direktiv eng Requête en annulation agereecht, huet awer dee Prozess verluer. An engem Uerteel vum Mee dëst Joer huet den Europäesche Geriichtshaff befonnt, dass et sech hei net ëm eng Form vu justizieller Zesummenaarbecht handelt, mä de Schwéierpunkt vun dëser Direktiv läit an der Regelung vu gläiche Wettbewerbsbedéngungen tëschent privaten Zougangsprovideren a Verbraucherschutz.

Däitschland sengersäits hat schonn 2007 dës Direktiv ëmgesat, ass awer ze wäit an der Ëmsetzung gaangen. Dofir hate 34.000 Bierger beim Verfassungsgeriicht zu Karlsruhe sech beschwéiert. Si ware vun dësem Transpositiounsgesetz beonrouegt. Den 2. Märtz dëst Joer huet Karlsruhe décidéiert, dass europarechtlech e korrekte Grondrechtsschutz besteet, dass kee Verstouss géint d'Mënschewürd ersiichtlech ass an dass d'Späicherung vun Telekommunikatiounsdaten e legitimen Zweck verfollege kann.

Ech wëll nach derbäi soen, dass och nach dëst Joer am Märtz och vum Europäesche Geriichtshaff an engem Uerteel festgehale ginn ass, dass an deenen däitsche Länner d'Datenschutzkommissären net komplett onofhängeg si vun de staatlechen Autoritéiten an influenzéiert kéinte ginn.

Mir gesinn, dass an dëser Matière eng permanent Spannung tëschent dem Datenaustausch an dem Dateschutz existéiert, an et muss ee kucken, fir deen am Équiliber ze halen. D'Direktive vun 1995 an 2002 sinn an eist Nationalrecht ëmgesat ginn, an am Gesetz vum 30. Mee 2005, dat am Kader vum Paquet Telekom geholl ginn ass, ass d'Späicherungsfrist vun zwielef op sechs Méint erofgesat ginn an den Artikele 5 an 9.

Wa mir elo d'Vorratsspäicherungsdirektiv vun 2006 an eist nationaalt Recht ëmsetzen, ginn dës zwee Artikelen, de 5 an den 9, erneit erëm eng Kéier op verschiddene Punkte geännert.

Wie Späicherung seet, denkt och Sécherheet. Dëse Projet huet de Grondrechtsgarantien an dem Schutz vum Privatliewe Rechnung gedroen.

Mä wéi bei all dëse Garantien ass den Ugréff zoulässeg, wann en am öffentlechen Interessi, op enger legaler Basis an och verhältnisméisseg ass. Den initialen Text vun dësem Projet gesäit vir eng Späicherungsflicht fir all öffentlech zougänglech Provideren, an dat vu sämtlechen Daten, déi an hiren eegenen Déngschter an Netzer generéiert oder verschafft sinn, an zwar zum Zweck vun Enquêtë vu Strofdoten, op deenen eng kriminell oder correctionnel Strof vun au moins engem Joer Prisong steet. Mä dës Späicherunge kënnen nëmmen duerch eng Ordonnance vum Juge d'instruction opgeruff ginn. D'Späicherungsflicht gëllt also pauschal fir all Daten am Zesummenhang mat Tëlefon an SMS-Verbindungsdaten, an dës Verflichtunge gëllen och elo fir Internetzougang an E-Mailen.

Et handelt sech am Artikel 5 ëm Verbindungsdaten, déi Auskunft ginn iwwert d'Ruffnummer, den Ufank an den Enn vun der Verbindung no Datum an Auerzäit gespäichert respektiv protokolléiert bei Internet-Daten. Den Artikel 9 regléiert d'Späicherung iwwert d'Lokalitéit, vu wou aus kommunizéiert ginn ass. Nei ass hei d'Späicherung vun erfolleglosen, onbeäntwerteten Uriff. Si ginn och elo ofgedeckt fir justiziell Zwecker. Et duerfen absolut keng Daten iwwert den Inhalt vun der Kommunikatioun an och keng Daten iwwert d'Internetsäit gespäichert ginn. Dës Date mussen elo fir sechs Méint den Autoritéite fir strofrechtlech Prozedure verfügbar bleiwen, da gi se geläscht.

De Parquet général a sengem Avis ass iwwregens der Meenung, dass den Délai ze kuerz ass a gëtt oft dem Untersuchungsriichter kee grousse Spillraum a sengen Enquêten. D'Daten duerfe vu vireran also nëmmen zu bestëmmte prezisen Zwecker gespäichert ginn an esou, dass bei der Späicherung scho genügend garantéiert ass, dass dës Daten nëmme fir esou Zwecker kënne verwent ginn. Dat wëllt soen, d'Gewiicht vun der Datespäicherung ass domadder gerechtfertegt. Domadder ass d'Portée fir de Bierger virauszegesinn, awer gläichzäiteg och begrenzt.

De Provider huet nom amendéierten Text eng Verflichtung, wat d'Qualitéit an de Schutz betrëfft vun dëse gespäicherten Daten, an dat mat techneschen an organisatoresche Moossnamen.

Den initiale Projet vum Gouvernement hat d'Méiglechkeet virgesinn, de Stockage engem Drëtten unzevertrauen. Dat hätt den Avantage vun Zentralisatioun, vu Sécherheet, vu vereinfachtem Zougang a selbstverständlech och vu Käschtereduktioun beim Stockage. D'Kommunikatiounsentreprisen hunn iwwregens nach ni eng Käschtenentschiedegung gefrot fir dës Verwaltung, déi am Intérêt vun öffentlechen Zwecker gemaach gëtt.

Esou, wéi d'Finanzéierung vun der Vorratsspäicherung net an der Direktiv geregelt ass, esou läit och d'Definitioun vu schwéiere Strofdoten net an der Direktiv, mä an der Hand vun all eenzel EU-Memberstat. Dofir huet d'Kommissioun sech ganz gewëssenhaft mam Begréff vun Infraction grave auserneegesat.

D'Direktiv 2006 verweist drop, dass d'Telekommunikatiounsdaten e wäertvollt Instrument bei der Verfolgung vun Infractioune sinn, besonnesch an de Beräicher vun Terrorismus an organiséierter Kriminalitéit wéi zum Beispill dem Blanchiment.

Theoretesch gëtt et verschidden Approchen, fir de Kritär vun enger schwéierer Strofdot festzeleeën, duerch eng Lëscht entweder vun Infractiounen oder awer opgrond vum Seuil de peine. Vu dass an der Praxis dës Lëschten en Opwand mat villen Désavantagen duerstellen, ass de Kritär vum Seuil de peine zréckbehale ginn. De Conseil d'État ass d'accord mat engem Seuil vun enger Prisongsstrof vu respektiv ab engem Joer, an zwar aus folgenden Ursaachen: Et ass e Kompromëss tëschent Individualrechter, déi fir eng méi héich Fräiheetsstrof plädéieren, awer och e Kompromëss gläichzäiteg, wat d'Effizienz vum Strofprozessrechtssystem bedeit, dee selbstverständlech fir méi en niddrege Seuil vun der Peine steet.

D'Commission consultative des droits de l'Homme an och d'Dateschutzkommissioun kritiséieren dës Method,…

Une voix.- Très bien!

Mme Christine Doerner *(CSV), rapportrice.-* …well heimadder riskéieren eng ganz Rei vu Strofhandlungen an den Uwendungsberäich ze falen.

Wann een elo vum strofrechtleche Standpunkt kuckt, da muss een hei dergéinthalen, dass dee besonnesche Charakter vu schwéiere Verbriechen, wéi d'Terrorismusfinanzéierung oder d'Criminalité organisée, keng primär Verbrieche sinn a forcément dëse Verbrieche geméinlech ëmmer eng aner Deliktgrupp virausgeet, déi awer kënnen hëllefen, eng Spur ze fannen op déi méi schlëmm Strofdoten.

Da muss een och nach bemierken, dass scho säit dem Joer 2005 dëse Späicherungssystem zu strofrechtlechen Zwecker en vigueur ass, an obschonn iwwerhaapt keng Aschränkungen hei virgesi waren, ass bis elo nach kee Recht verletzt ginn.

Fir dass dëse System fonctionnéiert, huet d'Kommissioun décidéiert, de Prinzip vum Seuil de peine festzehalen, mat der Bemierkung, dass eise Justizminister, deen dat offréiert huet an der Kommissioun, virgesäit, déi Prisongsstrofe vu verschiddenen Infractiounen ze iwwerschaffen.

Iwwregens fanne mir an dësem Rapport e Gesamtaperçu vun Infractiounen, wou d'Penalitéiten an d'Prisongsstrofe vu sechs Méint bis zéng Joer opgelëscht sinn. De Parquet général regrettéiert sengersäits, dass den Accès un d'Späicherdate sech limitéiert op Delikter a Crimë mat Prisongsstrofe vun engem Joer.

Ausserdeem ass am amendéierte Projet festgehalen, dass den Datenofruff vum Untersuchungsriichter muss autoriséiert ginn. Dat heescht, dass d'Zréckgräife vun der Police an der Hypothees vun engem Flagrant délit oder Flagrant crime, dat ass net méiglech. Domadder kann ee soen, dass d'Ordonnance vum Untersuchungsriichter eng gutt prozedural Garantie ass géint eventuell Abusen. A Rasterfahndunge sinn domadder net méiglech.

Ausserdeem proposéiert d'Kommissioun en neien Artikel 5 (2) anzeféieren, dee seet, dass d'Dateschutzkommissioun all Joers der Europäescher Kommissioun eng Statistik ënnerbreet zu dëser Datespäicherung.

Schlussendlech huet de Gouvernement en Tableau de concordance opgestallt, dee weist, a wellechen Texter déi aner Dispositiounen an Elementer vun der Direktiv transposéiert sinn.

Ech kommen zum Schluss a wëll soen, dass an dësem sensibele Beräich niewent dem Statsrot, dem Parquet général, der Nationaler Dateschutzkommissioun, awer och der Commission consultative des droits de l'Homme nach véier aner weider Chamberen, wéi d'Chambre des Salariés, des Métiers, de Commerce an d'Fonctionnaire-publicen, ganz gewëssenhaft an duerchduechten Avisen ofginn hunn. D'Mediëkommissioun huet Wäert drop geluecht, dësen Ureegungen an hirem Rapport Rechnung ze droen - e Rapport, deen ouni déi exzellent intellektuell a redaktionell Hëllef vum Greffe net esou gutt a schnell hätt kënne geschriwwe ginn.

Mir kënnen dëse Projet stëmmen. Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen der Madame Rapporteur Merci. An ech géif dann als éischtem Riedner dem honorabelen Här Thiel d'Wuert ginn.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP).-* Sidd Dir dann och averstan, Här Thiel?

(Hilarité)

M. Lucien Thiel *(CSV).-* Madame Presidentin, Merci. Pardon, Här Bettel!

M. Xavier Bettel *(DP).-* D'CSV ass zweemol averstan.

M. Lucien Thiel *(CSV).-* Ah jo, jo, dat däerf ee jo. Voilà.

Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Presidentin, dee Projet, mat deem mir eis elo befaassen, ass nëmmen zwee Artikele laang. Eigentlech handelt et sech ëm soss näischt wéi ëm eng Detailännerung un engem Gesetz vun 2005, an dat opgrond vun enger Direktiv vun 2006. An trotzdeem huet de Projet et a sech, wéi d'Diskussiounen an der zoustänneger Kommissioun an och ronderëm ähnlech Gesetzesprojeten am Ausland gewisen hunn. Ech denken do un eis däitsch Noperen, wou souguer d'Bundesverfassungsgeriicht huet misse beméit ginn. Allerdéngs hat dat mat der Ëmsetzung duerch Berlin ze dinn, net mat der Direktiv selwer.

Eis Rapportrice huet mat hirer eegener juristescher Akribie dee Projet selwer an och d'Iwwerleeunge vun der Kommissioun hei duergeluecht; iwwregens net vun där Kommissioun, déi hei am Haus fir d'Juristerei zoustänneg ass, mä well et ëm d'Telefonéiere geet, där vun der Kommunikatioun.

Ech brauch also net méi op de Contenu vum Projet anzegoen, dee grosso modo festhält, wéi laang d'Tracë vun Tëlefonsgespréicher musse gespäichert an a wéi enge Fäll dorop zréckgegraff ka ginn. De Prinzip vun der sougenannter Rétentioun steet net zur Debatt, well dee gouf schonn am 2005er Gesetz festgehalen. Mä et geet virun allem ëm dee schwampege Begréff „infractions graves" am Zesummenhang mat der Bekämpfung vum Terrorismus an der organiséierter Kriminalitéit, deen an der Direktiv vun 2006 steet an deen ëmsou méi problematesch ass, well mir eis hei op deem glëtschege Glacis bewegen, deen d'Exigenze vun der Protektioun vun der Privatsphär op där enger Säit an d'Contraintë vun der Protektioun vun der Allgemengheet op där anerer Säit trennt.

Grad mir Lëtzebuerger wësse jo e Liddchen dovun ze sangen, well mir eis ëmmer erëm an d'Geschier leeë mussen, fir eisen Noperen de Sënn an d'Noutwendegkeet vun eisem Bankgeheimnis - an dacks mat éischter manner wéi mat méi Erfolleg -kloerzemaachen, bei deem et sech an éischter Linn jo och ëm d'Privatsphär an där hir Ofgrenzung zum Stat dréit.

Et geet also engersäits dorëm, d'Dier viru méiglechen Iwwergréff duerch d'Statsautoritéit op d'Privatsphär zouzehalen, ouni awer deemselwechte Stat am Wee ze stoen, wann et sech drëm dréit, Kriminellen op d'Schléch ze kommen. Dofir awer muss hie senge Servicer erlabe kënnen, am private Beräich ze schnoffelen, woubäi natierlech d'Haaptverstännegungsmëttel vun eiser Zäit, nämlech den Tëlefon, sech als ideaalt Instrument ubitt.

Eng Méiglechkeet, fir esou e staatlechen Agréff an der Gitt ze halen, besteet natierlech doran, fir exakt festzehalen, wéi wäit d'Autoritéiten däerfe goen a wéini si iwwerhaapt däerfe lassleeën.

Mir hu jo an der Vergaangenheet a Saachen Terrorismus deen een oder aneren hysteresche Moment mat deenen entspriechenden Iwwerreaktiounen erlieft, wat een natierlech derzou unhält, méiglechst virsiichteg duerch dat Minnefeld ze goen. An dësem Fall heescht dat, datt een de Begréff vun den „infractions graves" esou enk wéi méiglech agrenzt an domat d'Angscht viru méiglechen Abusen zréckschrauft.

Fir dem Knätschgummsbegréff vun den uergen Infraktioune méi prezis Contouren ze ginn, ass et néideg, d'Strofdoten, déi a Fro kommen, méiglechst genee ze beschreiwen an hire Krees op e Minimum ze reduzéieren.

D'Kommissoun vun de Mënscherechter goung an hirem Avis souguer e Schratt weider an huet suggéréiert, et sollt een e regelrechte Katalog, an zwar e restriktiven, vun deene Strofdoten opstellen, déi eng Tëlefonsiwwerwaachung justifizéiere kënnen.

Dat géif natierlech hëllefen, dat Ganzt strikt op säin eigentlechen Zweck, nämlech d'Bekämpfung vum Terrorismus a vun der organiséierter Kriminalitéit ze limitéieren. Mä mat esou enger Approche kënnen d'Justizautoritéite sech schwéier ufrënnen, well si eben ze restriktiv ass an zum Beispill der Tatsaach net Rechnung dréit, datt d'Sich no de Spure vun enger Infraction grave dacks mam Verdacht op klengen Delikter ufänkt, déi dank den Enquêteuren op déi eigentlech Strofdot hiféieren, wéi dat zum Beispill beim Drogentrafic ganz oft de Fall ass.

D'Regierung huet sech fir eng Referenz op d'Strofrecht entscheed an décidéiert, datt all déi Delikter, déi zu Prisongsstrofe vun op d'mannst engem Joer féieren, vum Parquet als Ulass fir d'Iwwerpréiwung vun Tëlefonsverbindunge geholl kënne ginn. Dat ass natierlech eng Hällewull vun Delikter, et sinn der bal - an där Lëscht, déi elo grad genannt ginn ass -, et sinn der bal 400, déi nach laang net all mat dem Terrorismus a mat der organiséierter Kriminalitéit ze dinn hunn.

Mä fir elo awer ze verhënneren, datt mam breede Reech virgaange gëtt, sinn eng Rei vu Précautiounen am Text virgesinn, déi genau regelen, wie wéini an den Donnéeë vun den Tëlefonsgesellschaften nofuersche kann, déi, wéi och gesot ginn ass, sechs Méint - wat dem Parquet net duergeet, mä am Gesetz virgesinn ass -, sechs Méint laang versuergt musse ginn, fir de Fall, datt Tëlefonsverbindunge retracéiert misste ginn.

Well d'Meenungen an dësem Dossier nawell geheiereg ausernee kënne goen a fir déi eng d'Protektioun vum Individu iwwer alles geet, derbannst fir déi aner d'öffentlech Uerdnung Prioritéit huet, ass et nawell net einfach, sech eens ze ginn. Dofir war dann och an der Kommissioun de Virschlag gemaach ginn, mir sollten eis nach e bësse Bedenkzäit loossen, fir de Sujet weider verdéiwen ze kënnen.

Déi Iddi ass awer net vun der Majoritéit an der Kommissioun zréckbehale ginn, an dat engersäits, well mir hei schonn erëm eng Kéier am Réckstand mat der Ëmsetzung vun enger Direktiv sinn an de Stat eng Geldbouss riskéiert, a well anerersäits gemengt gouf, mir wären och an dräi Méint, wann d'Chamber erëm fir d'Éischt zesummekënnt, net méi gescheit an dësem Dossier an domat och kee Millimeter weider.

Och wann engem de Schutz vun der Privatsphär méi uewe läit an een eng gesond Mefienz vis-à-vis vum „law and order" huet, kënnt een dach awer net laanscht d'Asiicht, datt och an dësem Fall et näischt bréngt, sech op extrem Positiounen ze versteiwen. Wéi esou dacks am Liewe bleift dann als eenzege räsonnabelen Auswee, e Kompromëss ze fannen. Et gesäit ee jo ëmmer erëm, wou dat hiféiert, wann een net méi zu engem Kompromëss capabel ass.

Dee Kompromëss gouf dës Kéier méi liicht doduerch gemaach, datt d'Regierung an hirem Projet all méiglech Précautioune virgesinn huet, fir d'Mëssbräich ze évitéieren, an och andeems hire Justizminister an Aussiicht gestallt huet, datt hien eng Kéier am Strofdotekatalog raumen an all déi Iwwerdreiwungen eraushuele wäert, déi sech am Laf vun der Zäit do ageschlach an déi Deliktpalette esou auserneegebrätscht hunn, wéi se am Moment ass.

Madame Presidentin, ech kann do ophalen, well den Accord vun der CSV-Fraktioun huet meng Kolleegin jo scho ginn. Dat ass gemaach.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Thiel, an ech géif domat deem nächste Riedner, dem honorabelen Här Bettel, d'Wuert ginn.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt gëtt hei déi ganzen Zäit vun enger Notioun geschwat, wou ech frou wär, wann ech eng Kéier erzielt kéint kréien, wat dat ass. Dat ass déi Infraction grave. Sou wéi den Här Thiel se beschriwwen huet, dat ass eng Notion juridique, déi et net gëtt. Et gëtt oder e Crime, et gëtt oder en Délit, et gëtt oder eng Contraventioun, mä wat ass eng Infraction grave, déi hei an der Lëtzebuerger Gesetzgebung... Ech hunn et op jidde Fall am Code pénal nogekuckt. Et steet vläicht an der Direktiv, mä et ass net, well an der Direktiv eppes falsch steet, dass mir et mussen och nach falsch hei iwwerhuelen.

Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gesot, hei geet et ëm eng Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv, wou et ëm d'Stockéiere vu perséinlechen Date bei elektronesche Kommunikatiounen - E-Mail, Handy oder Internet - geet.

Mir sinn eis eens, et geet elo net hei ëm de Contenu, mä ëm wie wat geschéckt kritt huet a wou. Et geet awer och méi wäit, well Dir musst wëssen, dass en Handy och en - entre parenthèses - Cafteur ka sinn, dat heescht, en Handy seet ganz genau, wien op wéi engem Moment op wéi enger Plaz war, mat de Bornen, déi e ka repéréieren, fir ze wëssen, wien op wéi enger Plaz war.

Wa mer de Kontext vun dëser Direktiv gesinn, muss ech lech jo soen, dass alles nees op den 9. September zréck justifiéiert gëtt, an d'Lutte géint den Terrorismus, d'international Lutte…

(Interruption)

Jo, pardon, 9/11, „nine-eleven", Anti-Terrorgesetzer am Kontext vum néngten eeleften.

Madame Presidentin, dësen Text soll jo da géint de groussen internationalen Terrorismus a Schwéierverbrieche luttéieren, dofir sinn déi Texter jo do. Der Rapportrice, der Madame Doerner, wëll ech och Merci soe fir dee schréftleche Rapport, dee souguer kritesch ass an deen ënnersträicht, wéi wäit den Här Biltgen am Ufank wollt goen, a wéi duerch Avisë vun de verschiddene Kommissiounen, vum Conseil d'État an och duerch d'Kommissioun den Text konnt awer verwässert ginn.

Ech hat am Ufank geduecht, Madame Presidentin, d'lescht Joer, wéi den Här Biltgen Justizminister ginn ass, dass mat deene liberticiden Texter, déi mer gewinnt ware vu sengem Virgänger, dem Här Frieden, elo Schluss wär, an dass mer en anere Stil géife kréien. Dëse Projet de loi ass awer déposéiert ginn a geet awer an déiselwecht Richtung wéi säi Virgänger.

D'Gesetz vun 2005: Gëtt et do eng Evaluatioun? Ech mengen, et sinn elo fënnef Joer. Et wär gutt, wa mer haut kéinte gesot kréien, wéi oft op esou Donnéeën zougegraff ginn ass, a wéi engem Kontext, wat dat bruecht huet. Et wär net oninteressant, amplaz ze soen, dass jo keng Problemer wären, Punkt, Basta, mä au contraire ze wëssen, wat iwwerhaapt d'Plus-value vun esou engem Text wär.

Madame Presidentin, et muss ee sech d'Fro stellen: Ass de Fait, dass et eng Présomption de culpabilité am Fong gëtt, dat heescht, dass net gekuckt gëtt, ob ee schëlleg ass oder net, mä et gëtt einfach alles gespäichert, ob een eng Dot gemaach huet oder net, déi richteg Modelle sinn? Et gëtt am Ausland dat, wat een nennt den „quick freeze" an den „fast thaw", deen dann zum Beispill mécht, dass de Parquet an d'Police kënne ganz séier Donnéeën huelen, an dat geet da bannent Stonnen, dass een da kann e Repérage maachen, oder op jidde Fall kucken, wie wat u wie geschéckt huet, an och dann duerno selbstverständlech ënner Écoute oder méi streng Kontrolle maachen.

Neen, hei gëtt a posteriori eng Méiglechkeet, fir sechs Méint zréck op Donnéeën ze gräifen.

Op EU-Plang ass et elo e bëssen eriwwer. Ech mengen, dës Positioun misst op EU-Plang souwisou négociéiert ginn. Mir kënnen elo net eng Marche arrière maachen, mä ech fannen et schued, dass eis Regierung mat op dee Wee gaangen ass.

Zu deem virleiende Projet, Madame Presidentin, e puer Saachen. Déi éischt Saach ass d'Proportionalitéit vum Text.

An deem heiten Text si jo, ab ee Joer oder zwee Joer gëtt geschwat, wou ee kann dorop zréckgräifen. Ech hunn den Text gekuckt. Ech sinn och ganz frou, dass den Här Minister eis d'Lëscht ginn huet vun den Infractiounen, déi drënner falen. Ech sinn awer erschreckt ze gesinn, justement wat drënner fält. Dat geet vu Coups et blessures volontaires, dat geet iwwert d'Destructioun vun enger Clôture, et geet iwwert de Coup vis-à-vis vun engem Deputéierten. Ech mengen hei, dass d'Proportionalitéit, wann ee seet, dass ee géif hei géint den internationalen Terrorismus kämpfen, e bësse limitéiert ass.

Ech soen lech zum Beispill an der Lëscht, déi mer kritt hunn, den 138 ass eng Rebellioun, den 179 ass „empoisonner des animaux", et ass dran „atteinte à la vie privée", „destruction de livres ou documents de bord", dat ass manner wéi ee Joer. Mä dann iwwert ee Joer „outrage à un député, magistrat, membre du gouvernement", de Rassismus et cetera.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Outrage à un député, dat heescht, wann een ons en Outrage mécht, da kann een op de Repérage kommen?

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Madame Brasseur... Jo, Madame Presidentin, ech muss der Madame Brasseur Recht ginn. Wann hei en Outrage vis-à-vis vun engem Deputéierten ass, kann dat och an Zukunft selbstverständlech ënnert déi Mesurë falen, sou wéi dës Regierung dat elo virgesäit. Mä och,...

(Interruption)

…wann Der en..., „dévastation de change" steet dran, „enlever, couper, détruire les obstacles d'un véhicule", „empoisonner des animaux" - ech kéint elo eng ganz Rëtsch opzielen. Ech mengen, mir hunn der vill kritt. Wann ech kucken, hei sinn ech bei 179 bei den Animaux an et geet nach weider. Mir hunn nach eng ganz Lëscht kritt vum Här Minister, déi op 472 eropgeet vun Infractiounen, déi en hei zitéiert.

Ech weess, Madame Presidentin, dass den Här Minister och gesot huet...

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Déi awer net all ënnert d'Gesetz falen!

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Neen, neen, neen, neen. Dir hutt… Ech sot, Dir hutt eis eng Lëscht gi mat 472 Texter, déi drënner falen, mat Doten, déi drënner falen.

Ech muss lech soen, Madame Presidentin, och wann de Minister eis seet, dass en an Zukunft, dat steet och am Rapport vun der Madame Doerner, wäert kucken, fir dass en Dépoussiérage vum Code pénal gemaach gëtt, ça ne me rassure pas, well am Moment ass deen Dépoussiérage nach net gemaach an am Moment falen nach all déi Doten, déi ech virdrun zitéiert hunn, hei drënner.

Da gesäit een am Rapport, an dat wor d'Volontéit vun der Regierung, dass et awer heiansdo duerch kleng Strofdoten ass, dass ee vläicht e grousse Fësch ka fänken.

Madame Presidentin, ech kann esou Argumenter net akzeptéieren. Et kann net sinn, dass een esou „fishing" mécht, dat heescht, dass een e bëssen en Text ramasse-tout mécht, fir all méiglech Informatioune kënnen duerno ze fänken, au cas où kéint ee vläicht eng Kéier eng méi grouss Affär kréien.

Mir hate gefrot, wann ee sech jo wierklech wëllt op Terrorismus beschränken, dass ee ganz genau déi Infractiounen hëlt an déi definéiert, déi ee gären hätt, an net e Seuil de peine. Mir hunn dat schonn e puermol gefrot als Demokratesch Partei, dass mer dat net gutt fannen, dass e Seuil de peine bestoe bleift, mä au contraire, dass an deem heite Fall muss gekuckt ginn, déi genau Infraktiounen ze hunn. Et kann net eng Boîte de Pandore sinn, déi een hei einfach opmécht a kuckt, dass einfach alles drakënnt, wat engem passt.

Eng aner Saach, Madame Presidentin, déi eis wichteg ass, dat ass déi Autorité judiciaire, déi muss kommen, an déi Autorisatioun am Fong vum Untersuchungsriichter, deen eng Ordonnanz muss huelen. Am Ufank wor dat och net virgesinn. A mir si frou, dass dat och elo zréckbehale ginn ass, dass eng Ordonnanz vum Untersuchungsriichter muss geholl ginn.

D'Effizienz, Madame Presidentin: Ass do eng Garantie? Ech muss lech soen, dass d'lescht Woch vill vun eise Kolleegen heibannen eng iwwer 1.000 Maile kritt hu vun enger Associatioun, déi géint den Avortement waren. Ech hu mer erlaabt, enge vun deene Mailen ze äntwerten. Op deen éischten, deen ech kritt hunn, hunn ech zréckgeschriwwen, andeem ech gesot hunn: „Hei, et wär en âme et conscience a mir géifen dat stëmmen oder net stëmmen, mä dat wäert... jiddwer Deputéierten hätt do seng eege Meenung."

Doduerch, dass ech deem geäntwert hunn, krut ech fënnef Minutten drop vum Xavier Bettel e Mail, dass de Xavier Bettel mech freet, géint den Avortement ze sinn. Dat heescht, meng E-Mails-Adress hu si duerno benotzt duerch e Computersystem, an ech wollt haut, Madame Presidentin, ech hunn et awer elo net gemaach, ech wollt dem Här Biltgen a sengem eegenen Numm och eng E-Mail schécken, andeems ech géif schreiwen: „Passt op op deen heiten Text, well et kann och heiansdo no hanne goen."

Nämlech, et ginn eng ganz Rëtsch, an Dir kënnt No-name-E-Mails op Google kucke goen, do kënnt Dir gratis oder mat enger klenger Participation financière engem eng E-Mail schécken an deem sengem Numm, dat heescht, ech kéint @f.biltgen@gouvernement.lu iergendengem eng E-Mail schécken, an ech wollt dat am Ufank dem Här Biltgen maachen, mä ech hu gekuckt, ob dat net ënnert déi Infractioune géif kommen, net dass elo nach déi lescht sechs Méint gekuckt gëtt, wat ech vun E-Mailen a vu Kommunikatioun hat.

Mä wéi gesot, d'Effikassitéit hei ass wierklech ze ëmfroe vis-à-vis vum Mail an der Identitéit vun deem, deen eng Mail geschéckt huet. Tëlefon, Prepaid-Kaarten, öffentlech Tëlefonszell ass hautdësdags scho fir ganz vill Leit eng Tëlefonsméiglechkeet, wann ee keen Handy huet. Wéi kann een do kontrolléieren, wien do tëlefonéiert huet, wien op esou engem Tëlefon, wien do an där Tëlefonskabinn war? Ech ka mer virstellen, dass dës Regierung wëllt elo och nach Kameraen installéiere bei allen Tëlefonskabinnen, fir ze kucken, wien dat da grad war.

Fir de Mail gëllt grad datselwecht. Et ka jiddweree vun eis an en Internetcafé goen an do eng Hotmailsadress kreéieren oder eng Yahoo- oder eng G-Mails-Adress kreéieren an doduerjer E-Maile verschécken. Duerno ass et onméiglech ze kucken, wien déi E-Maile verschéckt huet op där Plaz.

Et geet och - et gëtt méi komplizéiert -, wann ee vun IP-Adresse schwätzt oder vu Wifi. Et si ganz vill Leit, déi Wifi doheem hunn. Dir wësst, wann deen net verschlësselt ass, da kann och eng Persoun op Äre Wifi sech aloggen a vun do aus och iwwer Är IP-Adress duerno E-Maile verschécken.

Dat heescht, d'Effizienz, Madame Presidentin, hei nach eng Kéier, muss ee leider a Fro stellen.

Vis-à-vis vu Kontroll, Madame Presidentin, muss een hei feststellen, dass mer zu Lëtzebuerg net eng richteg Kultur vun Dateschutz hunn. A wann d'Iwwerwaachung dann ënner ganz strenge Bedéngunge wier, dat heescht, d'Donnéeë musse getrennt op engem anere Server stockéiert ginn. Et kann net sinn, dass een déi online fënnt. Et kann net sinn, dass en Hacker do op e Computer geet a vun do aus all Donnée gesäit. A selbstverständlech och fir eng Hacker-Attack dann ze verhënneren.

Et muss een och soen am Ufank, dat huet mer Suerge gemaach, dass virgesi war, dass d'Provideren och kéinten dee Service am Fong un en Tiers weiderleeden. An ech sinn och frou, dass do de Conseil d'État an d'CNPD Alarm geschloen hunn a gesot hunn, dat kann net sinn, dass do nach en Tiers, deen net direkt gebonnen ass, déi Donnéeë ka kréien.

Madame Presidentin, dës Donnéeë mussen och verschlësselt si mat der neister Technologie, déi een nennt d'asymmetresch Verschlësselung, fir dass se net accessibel si fir onerlaabte Persounen. Mir froen och, fir dass de Prinzip vun de véier Ae soll hei bestoen, dat heescht, dass zwou Persoune mussen den Accord gi bei der Autorisatioun vum Zougank. An da selbstverständlech och de Prinzip vun der Retraçabilitéit: Den Zougank zu deenen Donnéeë soll enregistréiert a kontrolléiert ginn, selbstverständlech fir do Abusen ze verhënneren.

Madame Presidentin, dofir hu mir als Fraktioun vun der Demokratescher Partei eng Motioun, déi mer déposéieren, wou och eis gréng Kolleegen elo ënnerschriwwen hunn, wou mer selbstverständlech soen, dass mer vis-à-vis vun deem heiten d'Direktiv iwwerhuelen, dass mer wierklech insistéieren, dass d'Données abusives net dierfe benotzt ginn; dass vis-à-vis vun den Droits fondamentaux de Bierger Recht huet op e Privatliewen; dass mer och gesinn, dass an Däitschland - well dat Uerteel ass zitéiert ginn - awer eng ganz Rëtsch vu Punkten zitéiert gi si vum Bundesverfassungsgeriicht.

Dofir froe mir hei an dëser Motioun, Madame Persidentin, dass d'Regierung «élaborer un cadre réglementaire reprenant les mesures de sécurité énoncées dans le jugement de la cour constitutionnelle allemande, afin de veiller à la protection et à un usage approprié des données à caractère personnel recueillies dans le contexte de projet de loi sous objet».

Madame Presidentin, ech hoffen, dass dës Motioun eng grouss Zoustëmmung hei an dësem Haus fënnt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le projet de loi sous rubrique vise à transposer en droit luxembourgeois certains éléments de la directive 2006/24/CE;

- considérant que la directive en question a pour objet de garantir, dans tous les États membres, la conservation de données à caractère personnel générées ou traitées dans le cadre de la fourniture de services de communications électroniques accessibles au public ou de réseaux publics de communications;

- estimant que la rétention des données de télécommunications et les possibilités qu'ouvre l'accès à ces données représentent une atteinte sans précédent au droit au respect de la vie privée;

- soucieuse des conséquences qu'une utilisation abusive de ces données a caractère personnel pourrait avoir;

- rappelant les droits fondamentaux prévus par la Constitution et par la Convention de sauvegarde des Droits de l'Homme et des Libertés fondamentales;

- réaffirmant les principes de la protection des données repris dans la loi du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques;

- rappelant qu'elle reste attachée au respect de certains principes, à savoir finalité, proportionnalité et légitimité du traitement, durée limitée de conservation, sécurité et confidentialité, respect du droit des personnes et contrôle par une autorité indépendante;

- soulignant que la conservation des données de communication électronique nécessite des exigences particulières au niveau de la sécurité;

- regrettant que le projet de loi sous rubrique ne règle pas les modalités techniques nécessaires afin de garantir la protection des données à caractère personnel;

- considérant l'avis de la Commission nationale pour la protection des données;

- considérant le jugement de la cour constitutionnelle fédérale allemande sur la transposition de la directive 2006/24/CE en droit allemand, et plus spécifiquement l'article 223 qui cite comme mesures de sécurité envisageables:

de garantir un stockage distinct sur des serveurs physiquement séparés et déconnectés de l'Internet;

de garantir un chiffrement basé sur un encryptage asymétrique avec une sauvegarde séparée des clés d'encryptage;

de respecter le principe des quatre yeux relatif à l'accès aux données lié à des procédés avancés concernant l'authentification relative à l'accès aux clés d'encryptage;

de garantir la journalisation révisable des accès aux données et leur destruction;

de veiller à l'application de mécanismes de correction automatique de fautes respectivement d'erreurs et de méthodes de plausibilités;

invite le Gouvernement à

- élaborer un cadre réglementaire reprenant les mesures de sécurité énoncées dans le jugement de la cour constitutionnelle allemande, afin de veiller à la protection et à un usage approprié des données à caractère personnel recueillies dans le contexte de projet de loi sous objet.

(s.) Xavier Bettel, Claude Adam, André Bauler, Félix Braz, Fernand Etgen.

Mme le Président.- Merci.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Nodeems ech erkläert hunn, Madame Presidentin, dass et e Problem hei gëtt vis-à-vis vun der Proportionalitéit, well déi hei net ginn ass, vis-à-vis vun der Effizienz, well déi wierklech méi wéi en doute gestallt ass, vis-à-vis vun der Kontroll, déi et hei och net richteg gëtt, oder wou mer op jidde Fall net déi Garantien hunn, déi ech just zitéiert hunn, muss ech soen, dass dat heiten e riichten Aschnëtt an d'Liberté individuelle, an d'Liberté privée an an de Respect vun der Vie privée ass.

Dir wäert jo net mengen, dass, wann een esou Texter elo stëmmt, déi Leit, déi wierklech spezialiséiert sinn an déi organiséiert sinn, dann nach op déi Matière wäerten zréckgräifen. Déi wäerte schonn aner Saache fannen, fir dat kënnen ze ëmgoen, an hei ass den Utilisateur doheem, deen net weess, wat kontrolléiert gëtt, wéi kontrolléiert gëtt, wéi dat benotzt gëtt, mä deen au contraire just gesot kritt, dass een nokucke kann, mat engem Recul vu sechs Méint, wat en déi lescht sechs Méint gekuckt huet.

Esou Positiounen, Madame Presidentin, sinn inakzeptabel fir eng Fraktioun vun der Demokratescher Partei a mir wäerten dësen Text och net kënne stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen dem Här Bettel och Merci an ech géif dem nächsten Orateur, dem honorabelen Här Fayot, d'Wuert ginn.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, wann ech elo déi lescht Minutten dem Orateur vun der Demokratescher Partei nogelauschtert hunn, da muss ech ëmsou méi bedaueren, dass en net ons an der Kommissiounsaarbecht gehollef huet, fir deen Text besser ze maachen, mat senger ganzer Wëssenschaft a senger Verve.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Ech si leider net an där Kommissioun, Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dat wär natierlech nëtzlech gewiescht fir déi Kommissioun, déi sech dorëm bekëmmert huet an an där d'Presidentin vun der Commission juridique en interessanten a gudde Rapport gemaach huet, fir dee Projet hei duerzestellen, an ech soen hir och dofir villmools Merci.

Mme le Président.- Här Fayot, erlaabt Der, datt d'Madame Brasseur lech eng Fro stellt?

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Jo sécher.

Mme le Président.- Jo, Madame Brasseur.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här Fayot, ech hat am Numm vun der DP-Fraktioun an der Kommissioun gefrot, dass dëse Projet soll an d'Commission juridique goen. Du woort Dir, entre autres, oder d'Leit vun Ärer Fraktioun dergéint, well d'Commission juridique ass gefrot ginn. An der Commission juridique sote se, neen, dat soll d'Mediëkommissioun maachen, déi soll sech dann dorëm këmmeren.

Gott sei Dank ass dunn d'Presidentin vun der Commission juridique Rapporteur ginn. Et bleift awer derbäi, dass mir der Meenung waren, et wär besser do gewiescht, an duerfir froen ech mech, firwat Är Fraktioun onser Demande net Rechnung gedroen huet, well dann hätte mer vläicht deen Text kënnen an der Commission juridique zesumme verbesseren.

Och wëll ech awer den Här Fayot froen, ob en net awer kann zougestoen, dass och d'Membere vun der Oppositioun duerch hir Froen an der Kommissioun, wou et elo wor, dozou bäigedroen hunn, dass awer den Text soll verbessert ginn, notamment zum Beispill, dass mer déi Lëscht kruten, wat ons jo gehollef huet, iwwerhaapt en connaissance de cause driwwer ze diskutéieren.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ma, Här President, ech...

Mme le Président.- Madame...

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ass et fäerdeg?

Mme le Président.- Neen: Madame President.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ah, Madame, entschëllegt.

(Hilarité)

Ech ginn der Madame Brasseur gären Akt dovunner, dass si an der Kommissioun ganz äifreg matgeschafft huet an dass se och gehollef huet, dee Projet ze veränneren, an an engem Sënn, deen ech och wëll duerstellen. An ech hätt hir am Fong geholl gewënscht, dass se hei op der Tribün och dat, wat se als Erfahrung an als interessant Saachen an der Kommissioun gesot huet, och hätt kënnen eriwwerbréngen. Mä ech hunn awer och dofir dem Här Bettel ganz opmieksam… Et ass ëmmer gutt, wann een eng nei Stëmm erëm iwwer e Projet héiert, nodeem dass een e puer Sitzungen an der Kommissioun mat anerer geschafft huet.

Dir wësst, Madame Brasseur, dass d'Geschicht vun der Attributioun vun dësem Projet, dass dat eben eng ass, déi ons zum Deel échappéiert, well dat d'Conférence des Présidents ass, déi dat verdeelt, an hei war et eben entweder d'Commission juridique oder Commission des Communications. Ech ka mech erënneren, dass mer do och gefrot haten als Commission de la Communication, dass d'Commission juridique soll en Avis maachen. Dat ass anscheinend net Usus hei an der Chamber. Mir hunn och nach probéiert, als Netjuristen oder jiddefalls mat der Hëllef vun der Madame Doerner esou gutt wéi méiglech dat ze maachen. Mir loossen ons awer gären och vun de Juristen, a besonnesch och vun eminente Juriste beléieren.

Une voix.- Ah!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President,…

(Interruptions)

…wéi ëmmer…

Ech weess net, et ka jo jiddwereen dat huele fir sech.

(Hilarité)

Wéi ëmmer, wann et ëm Grondrechter vun de Bierger geet, gëtt et seriö Bedenken zu deem, wat d'Politik virhuet, an dat ass gutt esou. Duerfir begréissen ech selbstverständlech och alleguerten déi Awänn, déi zu dësem Gesetz kënne gemaach ginn.

Kommunikatioun ass haut e wichtegen Deel vun all mënschlech Aktivitéit, an als solch en elementaren Deel vun der Privatsphär vun all Eenzelnen. Nach ni war déi Kommunikatioun esou villfälteg an esou räich, an nach ni war et esou verlockend, op alle Pläng déi Kommunikatioun ze sammelen an doranner kucken ze goen. Dëst ass meng déif Iwwerzeegung: Dëst ass vu virera problematesch. Ëmmer, an all Fall, egal, ob et fir e gudden oder fir e schlechten Zweck ass. Och fir de Kampf géint den Terrorismus an d'organiséiert Kriminalitéit.

Dat heescht, dass all Abroch an d'Privatsphär problematesch ass an duerfir mat gréisster Suergfalt gekuckt an organiséiert muss ginn. Esou en Abroch an d'Privatsphär ass eng Gefor fir jiddwerengem seng Fräiheet, an esou Geforen heefe sech an de leschte Joren, besonnesch säit dem 11. September 2001.

Ons Aktualitéit ass haut och voll vun Ausenanersetzungen op deem Gebitt. An ech erënneren un den Accord zwëschent der Europäescher Unioun an den USA iwwert d'Transmissioun vu Swift-Donnéeen, deen hefteg diskutéiert an och fir d'Éischt refuséiert ginn ass, well d'amerikanesch Autoritéiten en zimlech labberen a massiven Zougank zu europäeschen individuelle Bankdate kruten, an d'Europäer dat net méi wollten. Et gëtt ëmmer méi perséinlech Daten, déi gespäichert, interconnectéiert an ënnert de beschte Prétextë kënne profitéiert ginn.

Och bei dësem Projet gouf et seriö Warnungen: am Avis vum Conseil d'État, an den Avisë vun de Chamberen, an dem Avis vun der Commission nationale pour la protection des données, an deem vun der Commission consultative des droits de l'Homme. An et gëtt national an international Texter, déi beschwieren d'Fräiheet vun deem Eenzelnen, an et besteet a wäite Kreesser Eestëmmegkeet iwwert d'Besuergnis fir de Schutz vun der Privatsphär an d'Noutwendegkeet, bei engem Agrëff aus éierbaren Ursaachen, wéi zum Beispill der kollektiver Sécherheet, ganz kloer an enk Grenzen ze zéien.

D'Aarbecht an der Kommissioun war hei eng ganz seriö an eng ganz intensiv, dank jiddwerengem Member vun dëser Kommissioun - wëll ech hei ganz kloer ënnersträichen. D'Interventioun vun der Zivilgesellschaft huet dozou gefouert, dass dëse Projet vun den Deputéierten en cours de route zolidd amendéiert gouf, sou dass ee ka soen, dass vun de Recommandatiounen, zum Beispill vun der Commission consultative des droits de l'Homme wéi och vun den aneren Institutiounen, déi gréisst Zuel direkt oder indirekt iwwert de Wee vun Amendementer befollegt gouf. An d'Kommissioun huet och eng Partie Amendementer vum Statsrot iwwerholl. An ech hu fonnt, dat war e gudde Geescht, dee sech an der Kommissioun mam Minister zesumme fir de Schutz vun der Privatsphär duerchgesat huet.

Sou ass et folgend wichteg Ännerunge ginn: Éischtens, nëmmen de Juge d'instruction kann den Zougank zu den Daten erlaben. Dat heescht, wuelverstan nëmmen d'Lëscht vun den Donnéeën, also net d'Inhalter. Et handelt sech also net ëm Écouten. Dëst ass och e seriöen Amendement zum Gesetz vum 30. Mee 2005, an deem bei Flagrant délit ouni riichterlech Autorisatioun Daten opgeruff konnte ginn.

Zweetens, et däerf kee Fëschen, blann oder geziilt, mat den Donnéeë gemaach ginn. Et muss eng Infractioun virleien, déi duerch d'Utilisatioun vun den Données téléphoniques corroboréiert ka ginn. Domat ass de Champ d'application kloer ëmrass.

Drëttens, d'Sécherheet vun den Donnéeë muss am Gesetz, an net an engem Règlement grand-ducal virgesi ginn.

Véiertens, d'Fournisseure vun den Donnéeë musse se selwer versuergen, hunn also d'Responsabilitéit selwer, déi Donnéeën ze versuergen a se net ofzeginn un en zentrale Späicher. Do gouf et eng Opposition formelle vum Conseil d'État, déi d'Chamber an d'Regierung ouni Diskussioun akzeptéiert hunn.

Fënneftens, et bleift dee Punkt, deen zu de meeschten Diskussioune gefouert huet a vun deem och den Här Bettel hei länger geschwat huet: Et handelt sech ëm d'Fro, ob…

Entschëllegt!

(Hilarité)

….d'Infractiounen, bei deenen d'Date gekuckt kënne ginn, kloer beschriwwe solle ginn, oder ob een en allgemenge Kritär soll festleeën. D'Regierung - och op Wonsch vum Parquet, huelen ech un, stellen ech mer vir - huet als Kritär festgehalen, dass bei enger Infractioun, déi mat engem Joer Prisong an doriwwer bestrooft gëtt, d'Daten ugefrot kënne ginn.

Dozou falen, wéi et ons an der Kommissioun gewise ginn ass, ganz vill Infrac-

tiounen, e puer honnert, an och där kuriéister, déi ee sech ka virstellen, wat natierlech d'Dier wäit opmécht.

An da muss ee sech froen: Wat sinn d'Contrepoidsen zu esou enger Fräiheet fir d'Justiz an der Poursuite vun den Infractiounen? Et gëtt ons gesot, et gëtt am Lëtzebuerger Droit keng proaktiv Enquête. Dat heescht, dass eng Infractioun muss constatéiert gi sinn, ier den Accès zu den Donnéeë vum Untersuchungsriichter erlaabt ka ginn. Et kann also drëm goen, d'Ëmstänn vun enger bestehender Infractioun opzedecken an den Auteur vun där Infractioun ze fannen. An da gëtt ons gesot, fir den Terrorismus an d'organiséiert Kriminalitéit wierksam ze bekämpfen, kommen d'Enquêteure meeschtens iwwer klenger Infractiounen op d'Spur vun den Délinquenten.

Ech kann net soen, ob dat wouer ass oder net. Den Här Bettel huet gemengt, déi wäre scho laang doriwwer ewech, déi betreffend Délinquenten. Mä dat ass op jidde Fall déi Argumentatioun, déi ons gi gëtt, an déi och, mengen ech, vun dem Parquet esou gesi gëtt, an duerfir huet d'Kommissioun sech och där Argumentatioun gefügt.

Ech wëll awer nach derbäi soen, dass d'Gesetz vum 30. Mee 2005 schonns den Zougank zu den Daten erméiglecht huet. Et ass ons och gesot ginn, als Evaluatioun, et wäre keng Abusë constatéiert ginn oder jiddefalls net bekannt. An an deemselwechte Gesetz vun 2005, wat mer hei modiféieren, war iwwregens allgemeng vun Infractioune geschwat ginn, ouni zousätzleche Kritär, wéi et elo am Gesetz ass, wat eben dann elo nogeholl gëtt an domat déi méiglech Interventioun anenkt.

A schliesslech - wat ech wichteg fannen - ass den Délai vun der Konservatioun vun zwielef Méint am Gesetz vun 2005 op sechs Méint erofgesat ginn, also eng relativ kuerz Zäitspan, an där d'Donnéeë gekuckt kënne ginn. Eppes, wat dem Parquet ganz bestëmmt net gefält, wann een den Avis vum Parquet zu dësem Gesetz gekuckt huet, dee sech ëm d'Resultat vun den Enquêtë Suerge mécht.

An da schliesslech, Madame Presidentin, war d'Regierung och d'accord, no engem Joer d'Applikatioun vun dësem Gesetz ze evaluéieren. Opgrond vun den Ofsécherungen, déi am Gesetz stinn, an och - trotzdeem - der Noutwendegkeet, Terrorismus an organiséiert Kriminalitéit effikass ze bekämpfen, kann ech heimat den Accord vun der LSAP zu dësem Gesetz bréngen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen dem Här Fayot Merci, an ech ginn dann dem nächste Riedner, dem Här Adam, d'Wuert.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech mengen, mir haten d'Chance bei dësem Gesetz, datt mer do dem Här Biltgen säin Turbo nach net ageschalt haten, well de Projet, wéi mer e vun der Regierung kritt hunn, war an eisen Aen e schlecht Gesetz, an duerch déi Aarbecht vun der Kommissioun sinn eng ganz Rei Verbesserunge komm. Et ass effektiv wouer: Fir mäi Gefill och hätt dat Gesetz besser an d'Commission juridique gehéiert, et ass awer an eiser Kommissioun vun de Medië bliwwen. Ech hunn awer d'Gefill, wéi wa mer do eng gutt Aarbecht gemaach hätten. Ech sinn net Jurist, ech hunn awer festgestallt, datt mer eng Rei Änderungen an dat Gesetz erabruecht hunn, datt et een Text ass, deen elo als Text valabel ass, ob een e stëmmt oder net. Ech mengen, do kommen ech nach, do ginn ech elo nach e bësselchen drop an.

Et geet ëm d'Ëmsetzung vun der Direktiv 2006/24, déi sech am Kontext vun dem Kampf géint den Terrorismus an d'organiséiert Kriminalitéit situéiert. Hei gëtt all Memberstat verflicht, sécherzestellen, datt eng gewëss Zäit d'Daten iwwert d'elektronesch Kommunikatioun vun hire Bierger stockéiert ginn. Déi Obligatioun war schonn am Gesetz vun 2005 festgehale ginn, a mir waren deemools schonn net frou doriwwer.

Mir waren deemools och déi eenzeg Partei an och déi eenzeg Oppositiounspartei, déi virun deem Projet hei gewarnt hat an déi och géint de Projet gestëmmt huet, an deemools haten zum Beispill d'Kolleege vun der DP dat matgestëmmt.

Ech si frou, datt dann déi Warnungen, déi mir deemools scho gesinn hunn, datt si déi haut dann och opgräifen an hir Positioun e bësselche méi kritesch evaluéiert hunn.

Une voix.- Dat ass, wann e Jurist dat kuckt.

(Interruptions)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Voilà, et war deemools och den honorabelen Här Grethen. Haut huet den Här Bettel dann eben dat…, en huet sech eiser Linn am Fong geholl e bësselchen ugenähert.

Et ass awer och nach mat dësem Gesetz definéiert ginn, wat mer ënner Infractions graves verstinn. Als Netjurist stoussen ech mech manner um Term „infraction grave" wéi un der Definitioun dovun. Wichteg ass natierlech och, wat mer stockéieren, a mindestens esou wichteg: Wie kritt ënner wéi enge Konditiounen Zougank zu deene stockéierten Daten?

Hei spille géigesätzlech Interesse mat. D'Provideren, déi wëllen net ze vill Onkäschten. Laang stockéiere kascht, dat kann och en Nodeel si par rapport zu anere Législatiounen an anere Länner. Awer maache mer eis näischt vir: Schlussendlech bezilt de Konsument. All Mënsch muss hëllefen, Donnéeë bezuelen, déi iwwer hie gesammelt ginn an déi hie weder an Optrag ginn huet nach erwënscht huet.

De Polizeiapparat an d'Justiz sinn u méiglechst laange Stockéierzäiten interesséiert, nom Motto: Wann ee méi huet, da kann ee méi fannen. An et gëtt déi berechtegt Suerg an déi berechtegt Flicht vun engem Stat, seng Bierger ze schützen. Schütze virun, engersäits, terroristeschen Attacken a virun engem Agréff, anerersäits, an déi perséinlech Fräiheet.

Den Terrorismus ass natierlech e gewaltege Sujet, an Angscht ass och berechtegt, mä Hysterie ass awer och an eisen Aen op kee Fall berechtegt. All Mënsch ass géint den Terrorismus a géint dat organiséiert Verbriechen. De Gewaltmonopol läit beim Stat, an dee Gewaltmonopol ass an enger Demokratie natierlech net absolut. An enger Diktatur kann en absolut sinn, dofir ass en awer net legitiméiert.

Wa mer Gesetzer maachen, déi zum Zil hunn, fir den Terrorismus an d'organiséiert Verbriechen ze bekämpfen, da solle mer och just déi zwou Saache bekämpfen. Fir eis ass et wichteg, emol vun enger Unschuldsvermutung auszegoen. Dat heescht, mir emfannen et schonns als e staarken Agréff an déi perséinlech Fräiheet, wa mer Date vu Bierger, déi sech näischt zu Schold komme gelooss hunn, méi laang späicheren, wéi dat muss de Fall sinn.

A wann een am Règlement grand-ducal kuckt, an den Här Bettel huet dat och ganz däitlech hei opgefouert, wat do alles steet, wat mer späicheren a wat een domadder ka maachen, dann ass dat schonn ee staarken Agréff: Bewegunge vum Festtëlefon, vum GSM, och Uriff, wou keen ophieft, SMSen, E-Mail, Internet, Datum mat genauer Auerzäit, all Nummer an elektronesch Adress, an effektiv kann een och Bewegungen erausfannen, nodeems en nogeet, wou d'Signaler vum Handy empfaange gi sinn. Mir forcéieren ee Bedreiwer, Date méi laang ze halen, wéi e misst, zum Beispill fir seng Rechnungen auszestellen an ze waarden, bis déi bezuelt sinn. Och wa vill Leit dat ganz normal fannen - mir hu jo näischt ze verstoppen -, ass et an eisem Emfanne guer net esou normal, esou Daten ze späicheren.

Haut sinn déi technesch Méiglechkeete bal onbegrenzt. Mat Satellittebiller, Videokameraen an Opzeechnunge vun de Kommunikatiounsdonnéeë gi mer ëmmer méi an d'Richtung vum glieserne Bierger. De glieserne Bierger, dat ass een, wou een alles dra gesäit, an et ass awer och een, dee Gefor leeft, gebrach ze ginn.

Mir mussen ëmmer erëm warne virun enger iwwerdriwwener Angscht vun Terrorismus an organiséiertem Verbriechen, déi an eng Richtung tendéiert ze goen, datt mer alles wëlle schützen, datt mer riskéieren dat, wat mer eigentlech wëlle schützen, nämlech eis Fräiheet, ze vill anzeschränken. Mir sollten eis net vun där US-amerikanescher Angscht, wéi se och am Swift-Ofkommes zum Ausdrock kënnt, ustieche loossen.

Also, wéi gesot, mir fannen dat net normal, datt d'Date vun all Bierger musse sechs Méint versuergt ginn, well wann dann ee Verdacht opkënnt, da kënne mer eppes nosiche goen. Eis Approche wär éischter eng, wann ee Verdacht opkënnt, dann däerfe mer iwwert d'Geriicht verlaangen, datt d'Donnéeë gespäichert ginn an duerno och ausgewäert ginn.

Wichteg ass natierlech och, wien déi Donnéeë wou späichert. An der Regierung hirem Entworf war et méiglech, datt d'Späichere vun den Donnéeën och outgesourced géif ginn. Dat fanne mir eng onméiglech Virstellung, a well nach eng ganz Rei Avisen dat och onméiglech fonnt hunn, ass dat dunn emol aus dem Projet erausgeholl ginn.

Wa mer ee Gesetz maachen, fir Terrorismus an organiséiert Verbriechen ze bekämpfen, wär et jo och logesch, datt just déi Saachen drënnerfalen, déi sollen drënnerfalen. D'Regierung huet awer festgehalen, datt alles eng Infraction grave ass, wat mat enger Prisongsstrof vu mindestens engem Joer bestrooft gëtt. Dat gefält eis net. Mir hätte léiwer eng Lëscht am Gesetz gesinn, wou eenzel Infractiounen opgelëscht ginn.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Dem Minister war déi Approche och net onsympathesch. „Mä dat ass alles méi komplizéiert. Mir sinn nach net esou wäit, mir mussen iwwerhaapt emol eis Prisongsstrofen op de Leescht huelen, do ass net méi alles kohärent." - huet et geheescht. An et ass awer festgehale ginn, datt mer keng esou eng Lëscht huelen, mä just Prisongsstrofe vun engem Joer mindestens oder méi als Kritär gëllen. Et gëtt Länner, déi hir Infractions graves a Lëschten opféieren, a wa mir net ufänken domat, da komme mer och ni dohin, wou mer wëllen. Do si mer also net mam Gesetz d'accord.

Wa mer eis schonns schwéierdinn, datt Date gespäichert ginn, da si mer natierlech och ganz opmierksam, wien dann elo Zougréff zu esou Date kritt. An hei huet d'Kommissioun och eng gutt Aarbecht gemaach: Den Zougréff däerf just iwwer e Riichter geschéien. Hei ass d'Gesetz also och wesentlech verbessert ginn, op den Avis vum Statsrot hin an och op den Avis vun der Commission des droits de l'Homme.

Mir erkennen un, datt déi minimal Stockéierzäit vun der Direktiv geholl ginn ass, dat heescht sechs Méint. Mir erkennen och un, datt déi Donnéeën net däerfen outgesourced ginn. Den Text, dee mer elo virleien hunn, ass besser wéi den Ausgangstext, dee vun der Regierung komm war. Net well mer en, wéi den Här Thiel beim Gesetz virdru gesot huet, mautsche gelooss hunn, mä well mer einfach eis parlamentaresch Aarbecht gemaach hunn.

An obscho mer hei der Meenung sinn, datt hei villes besser ass, gi mir awer dovun aus, datt ee soll vun der Onscholdsvermutung ausgoen, an dofir wäerte mer eis net fir de Projet ausschwätzen. Mir wäerten eis beim Vote enthalen.

M. le Président.- Merci dem Här Adam. An elo kritt d'Wuert den Här Colombera.

(Interruption)

Ah, dann décidéiert lech! Ass et den Här Colombera oder den Här Henckes?

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Voilà, ech wollt der Madame Rapportrice och Merci soen hei zu hirem Rapport. Mir hunn effektiv eng grouss Debatt gehat, ob dat eleite sollt an d'Commission juridique kommen oder net. Ech mengen, dee Choix, dee getraff ginn ass, weist awer, datt op jiddwer Fall ënnert de Fraktiounen awer eng gutt Aarbecht geleescht ginn ass, well effektiv eng etlech Amendementen ugeholl gi si par rapport zum initiale Projet vun der Regierung.

Et muss ee wëssen, datt à l'initiative, à la base vun dësem Gesetz d'Gesetz vun 2005 läit, wou mer eng Eestëmmegkeet hei am Parlament haten, fir de Prinzip selwer vun den Datespäicherunge bei den Tëlefonen anzeféieren.

D'Fro, déi sech elo bei dësem Gesetz stellt, Här Minister, dat ass eng éischt Déngen, et gëtt vun engem Règlement grand-ducal geschwat. Ech wär frou ze wëssen, well mer deen net hei bäileien hunn, wéi et am Prinzip misst sinn, ob esou e Règlement grand-ducal effektiv zum Droe kënnt. Ech wär och frou, wann dee Règlement grand-ducal géif der Chamber zoukomme gelooss ginn, well et ganz oft verschidde Reglementer gëtt, wou dat net geschitt.

Déi zweet Saach, déi ee muss festhalen, dat ass, datt et hei ëm Infractions graves geet, an do gëtt et eng Definitioun, déi am internationale Recht besteet, an notamment déi bei de Konventiounen iwwert d'Croix-Rouge an hir Protokoller, Artikelen 30, 50, 130, 147, etc., wéi och an zahlräichen aneren internationale Konventiounen. Et ass also op där Basis do, mengen ech, wou muss geschafft ginn.

Natierlech leien do d'Strofen heiansdo aneschters, a mir hunn also hei effektiv eng gréisser Debatt gehat, ob et elo sollt ee Joer sinn oder net. Do gëtt et effektiv eng Schwieregkeet an deem Sënn, datt, wann een de Choix mécht, fir ee Joer unzeginn, da fale verschidden Infractiounen ënnert d'Gesetz, wou een normalerweis sech seet, dat dote misst net sinn. Ech ginn nuren ee Beispill: de Bris de clôture. Dat heescht, wann een eng Clôture futti mécht, da kéint theoretesch hei elo d'Datespeicherung gebraucht ginn. Duerfir ass dat dote just nuren eng kleng Illustratioun, datt, wann ee Listinge mécht, da riskéiert een au contraire awer och verschidde Saachen ze vergiessen, déi kéinten an enger Enquête wichteg sinn.

An deem Kontext wëll ech och drop hiweisen, datt mer e grousse Problem hunn an der Hiérarchie des peines. Beispill: Op Basis vum Code pénal ass ee Joer Prisong am Minimum virgesinn bei Coups et blessures involontaires. Par contre sinn nuren dräi Méint virgesi bei Homicide involontaire, dat heescht, wann een ee schléit, also an engem Autosaccident eppes provozéiert, da riskéiert een e Minimum vun engem Joer, wann ee mat deemselwechten Autosaccident awer een doutfiert, da riskéiert een e Minimum vun dräi Méint. An an deem enge Fall fält een ënnert d'Gesetz, wat mer elo diskutéieren, an an deem anere Fall net.

Wou kann dat zum Beispill gebraucht ginn an esou engem Fall? Majo, wann den Autosaccident wor, an et ass eng Persoun, déi ass blesséiert ginn, an et gëtt e Verdachtsmoment, datt déi Persoun vläicht just virum Accident telefonéiert huet, da kann een elo Recherchë maachen, ob dat net méiglech wor, an och en vue vun der Lokalisatioun um Handy, ob net do eppes geschitt ass. Wann déi Persoun awer gestuerwen ass, da geet et net. Do schénge mer e puer Saachen net an der Rei ze sinn.

Do musst Der, Här Minister, onbedéngt eng Kéier iwwert d'Hiérarchie des peines eng Diskussioun féieren, an dësem Parlament en neie Code pénal virweisen, wou déi Saachen do geregelt ginn, well soss komme mer effektiv an zahlräich Absurditéiten dran, déi keng Logik méi maachen. Well, wann den Untersuchungsriichter elo an engem Fall vun Homicide involontaire wëllt eng Enquête maachen an eng Lokalisatioun vun den Tëlefonsgespréicher maachen, muss en eng Plainte maache pour Homicide volontaire, fir kënnen dat Ganzt ulafen ze loossen. An dat ass manifestement eppes, wat net an der Rei ass. Mä de Prinzip selwer ass richteg.

Dann dee Prinzip vun engem Joer, dee besteet jo och bei Extraditiounen. Do hu mer och datselwecht Joer, also minimum Strof virgesinn, an do besteet och keng Lëscht au vu vun den internationalen Traitéen, déi esou eppes virgesinn.

Duerfir mengen ech, Här Minister, datt an dësem Gesetz de Règlement grand-ducal wichteg ass, datt mer op jiddwer Fall

musse verschidde Mesuren treffen, fir datt een am Fall, wou eng grave Infractioun do virläit, datt een deen Ablack kann op d'Donnéeën zréckgräifen.

Ech wëll nuren ee Beispill och nach uginn, wou et hei schonn e puermol gebraucht ginn ass, dat ass bei engem Bankiwwerfall oder generell engem arméierten Iwwerfall, dann telefonéiere meeschtens d'Täter matenaner virdrun, fir sech hir Aarbechten, hir Attack ze koordinéieren, an et ass also wichteg, datt een op esou Date kann zréckgräifen, fir herno déi Täter viru Geriicht ze stellen.

Dat gesot, mengen ech, datt, au vu vun deenen Änderungen, déi elo an der Kommissioun virgestallt gi sinn, déi akzeptéiert gi si vun der Regierung, mer also doduerjer dem Text kënnen onst Jo-Wuert ginn.

M. le Président.- Merci dem Här Henckes. Elo kritt nach d'Wuert den Här André Hoffmann. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

Une voix.- An den Här Colombera!

(Hilarité)

Une autre voix.- Dajee, Här Colombera!

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President, mir sinn hei ähnlech wéi bei der Diskussioun iwwert d'Videoiwwerwaachung natierlech konfrontéiert mat der Fro vun der Verhältnisméissegkeet, op där enger Säit Schutz vun de Grondrechter, an op där anerer Säit Bekämpfung vun der Kriminalitéit respektiv öffentlech Uerdnung oder Sécherheet, etc. Ech si just der Meenung, dass deen heite Problem wäit-, wäit-, wäitaus méi grave ass wéi dee vun der Videoiwwerwaachung.

(Brouhaha général)

Une voix.- Pscht!

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Et ass meng Meenung, dass an där Fro vun der Verhältnisméissegkeet ëmmer am Zweifelsfall déi individuell Grondrechter musse Prioritéit hunn.

Hei geet et schliesslech - dat ass zwar scho gesot ginn, mä ech widderhuelen nach eng Kéier - ëm eng allgemeng Späicherung vu privaten Date vun alle Persounen hei zu Lëtzebuerg, onofhängeg vun iergendengem Verdacht, sechs Méint laang, an dann herno natierlech ass d'Fro vum Accès geregelt iwwer eng Décision judiciaire.

Déi Daten, déi ginn Opschloss, wann een den Accès dozou huet, wuelverstanen, iwwert d'privat Relatiounen, iwwer sozial Relatiounen, iwwer politesch Relatiounen, iwwer Intérêten, a well déi Ënnerscheedung tëschent Inhalt an nëmmen d'Kommunikatiounsmëttele selwer, déi ass deelweis fléissend, loossen och déi Daten iwwert de Verkéier deelweis Réckschlëss, indirekt implizit Réckschlëss zou op den Inhalt, sou dass een do also och immens virsiichteg muss sinn.

Wann een da kuckt: Firwat ass déi Virratsdatespeicherung iwwerhaapt gutt? Wat ass den Objet dovunner? Wat ass d'Zil dovun? De Kampf géint den Terrorismus a géint déi organiséiert Kriminalitéit. Ech sinn der Meenung, dass grad par rapport zum Terrorismus an zur organiséierter Kriminalitéit hei d'Effikassitéit wahrscheinlech immens kleng ass, well déi mat Sécherheet aner Moyenen, Weeër fannen, fir matenaner a Verbindung ze trieden, wa se wëssen, dass déi Date gespäichert ginn.

Wann een dat hei op de Bréifverkéier géif iwwerdroen, da géif dat bedeiten, dass all Bréifchen, all Päckelchen - selbstverständlech net sengem Inhalt no, sondern sengem Expéditeur no, sengem Destinataire no - misst gespäichert gi vun der Post oder vun engem privaten Distributeur, sechs Méint laang. Selbstverständlech géife mer eis da wahrscheinlech opreegen a soen, dat ass och net erlaabt no eiser Constitutioun, eisem Gesetz opgrond vum Secret postal.

Ech sinn awer der Meenung, dass mer hei eigentlech méi eng geféierlech Avance maachen, well jo vill méi Kommunikatioun entre-temps stattfënnt iwwert déi elektronesch Medië wéi iwwert de Bréifverkéier.

Eng Fro, déi ech mer selwer net beäntwerte konnt, och no engem opmierksame Studium vun den Dokumenter: Wéi gesäit et mat dem Service de renseignement aus? Dat heescht also, ënner wéi enge Bedéngungen a mat wéi enge Garantien huet de Service de renseignement Zougank zu deenen...

M. le Président.- Här Hoffmann, Dir musst lues awer sécher zum Schluss kommen.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Jo.

…zu deenen Donnéeën, a wat geschitt dann domadder?

An eng ähnlech Fro: Wéi ass et mat der Zesummenaarbecht mat dem Ausland? Dat heescht am Kader vu polizeilecher Zesummenaarbecht oder juristescher Zesummenaarbecht: Wéi wäit ass d'Garantie, dass do en Zougank op d'Donnéeë geschitt, déi da weiderginn an d'Ausland, a wou mer ënner Ëmstänn keng Garantie méi hunn oder net méi wëssen, wat wierklech domat geschitt?

Ech stëmmen d'Gesetz net.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann, an elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice, Ministre des Communications et des Médias*.- Wéi laang, Här President?

M. le Président.- Erëm 15 Minutten.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice, Ministre des Communications et des Médias*.- Erëm 15 Minutten. Merci, Här President. Ech mengen, dass dat heite schonn e Gesetz ass, wou et wichteg ass, driwwer ze diskutéieren, well et wéi esou oft muss den Équiliber fannen tëschent der Bekämpfung vun der Kriminalitéit an der Sécherung vun de private Fräiheeten.

Derbäi kënnt, dass et eng Direktiv ass, wou mer iwwerfälleg sinn, wou mer ugesicht sinn. Sou dass et och wichteg ass, dass mer dat Gesetz haut stëmmen, fir net mussen an Europa Suen ze bezuelen.

Derbäi kënnt dann och nach, dass d'Matière technesch komplex ass. Ech hunn och de Mëtteg festgestallt, dass verschidde Saachen duerjerneegehäit goufen. Ech kommen nach eng Kéier op déi eenzel Begréffsentwirrungen zréck.

Ech wëll awer fir d'Éischt virun allem der Madame Doerner Merci soe fir de Bericht heiriwwer, dee se och juristesch gutt gemaach huet, an engem Gesetz, wat u sech den Telekomsminister déposéiert huet. Déi Fro ass jo e puermol hei opgeworf ginn, woufir et an der Kommissioun vun den Telekom an de Medien ass. Dat kann ech net direkt beäntwerten, well dat ass ëmmer eng Décisioun vun der Conférence des Présidents; déi ass do souverän, net de Minister.

Et muss ee just wëssen, déi Direktiv ass vun den Telekomsministeren ausgeschafft ginn. Natierlech betrëfft se d'Jusitz. A wéi ech ugetruede sinn a menger duebler Funktioun als Telekomsminister a Justizminister, hunn ech festgestallt, dass d'Leit vum Telekomsberäich an d'Leit vum Justizberäich hei net eens goufen, wéi se d'Direktiv sollten ëmsetzen. Well effektiv am Telekomsberäich d'Fräiheet, d'Protektioun vun den Donnéeën äusserst wichteg ass, dass den Telekomsberäich sech ka weider entfalen, d'Justiz zu Lëtzebuerg awer och muss d'Verbrieche bekämpfen. Dat ass hir Aufgab.

De Fait, dass ech déi zwou Kapen unhat, huet mer erlaabt, ech mengen och am ursprénglech Projet, e gudde Kompromëss ze fannen, deen elo nach besser ass mat deem Projet, wéi mer en elo haut stëmmen, e gudde Kompromëss ze fannen tëschent deenen zwou Saachen.

Well dat, wat den Här Bettel hei mengt, an anerer och, mir géifen elo massiv hei d'Fräiheeten aschränken, ass an deem Sënn falsch, dass mer déi bestehend Gesetzer méi fräiheetlech gestalten, wéi se elo sinn. Et ginn zwee Gesetzer. Et sinn och zwou Techniken. An ech wollt drop zréckkommen, well ech mengen, dass een heiansdo heibannen dat am Eifer des Gefechts verwiesselt huet.

Dat eent ass de Repérage. De Repérage, do muss wierklech eppes virleien, an da gëtt ordonnéiert iwwert de Riichter, wéini gëtt do repéréiert. Dat ass dat eent. Dat ass haut net an der Diskussioun.

Den Här Adam huet e bëssen déi zwou Saache matenee vermëscht. Well den Här Adam sot…

(Interruption)

Neen, entschëllegt, mä den Här Adam sot nämlech virdrun: Ma mir hätte léiwer eng Solutioun, dass een eréischt géif, wann ee weess, wat ee wëllt versichen, da soen, elo ginn d'Date gespäichert.

D'Datespeicherung ass eppes, dat mécht een oder et mécht een et net. Dat heescht, de Prinzip ass jo wichteg, dass d'Daten net ze laang gespeichert ginn. Wa mer nämlech dat maachen, wat Dir sot, dat geet net méi. Well d'Date sinn da fort. An dofir maache mer jo hei dat, wat d'Direktiv virgesäit, dass d'Daten nëmme sechs Méint kënne gespeichert ginn. A fréiere Gesetzer war dat méi.

An dann, dat ass also, hei maache Datespeicherung. Dat heescht, d'Date gi versuergt. A wa se bis net méi musse versuergt ginn, gi se zerstéiert. Et kann een also net soen, eréischt wa mer se wëllen hunn, gi se gespeichert, well da si se jo scho fort. Also geet dat net. Dat ass also, ech soen, et sinn zwou Saachen, déi ee muss parallell gesinn, Datespeicherung an Dateverfolgung, déi zwee sinn zesummen.

Elo war et och esou, dass bei deenen zwee eigentlech de Seuil vum Accès niddreg war, nämlech bei sechs Méint Infractioun. Elo gi mer bei deenen zwee, och beim Repérage, iwwert dëst Gesetz méi streng wéi mer bis ewell waren. Dat heescht, mir huelen d'Datespeicherungsgesetz, fir och bei dem Repérage méi streng ze gi wéi mer et bis elo waren.

Dat heescht, mat dësem Gesetz setze mer net d'Fräiheet méi a Gefor, mä mir verstäerken d'Fräiheet méi par rapport zur Sécherheet. Dat ass emol de wesentlechste Punkt, deen ech hei wollt ervirsträichen.

De Minister war jo relativ séier mat all den Amendementen, déi mer zesumme gemaach hunn, d'accord, well de Minister selwer drop gehalen huet, dass souwuel d'Dateschutzkommissioun - déi huet misse gefrot ginn - wéi och d'Mënscherechtskommissioun - déi net hätt misse gefrot ginn -, dass déi solle gefrot ginn. Déi Avisë waren zimlech concordant och mam Statsrot. An ech mengen, mir ware relativ séier eens, fir alles dat ze maachen, wat se gesot hunn. Bis op ee Punkt, deen nach opsteet. E steet net op, mir léisen en haut. Mir léisen en net esou, wéi e gutt wär. Mä mir kënnen en net aneschters léisen.

Ech hunn eng Kéier gesot, elo war alles…, konnt een en Accès hunn… Nach eng Kéier: D'Date musse gespeichert ginn. Domadder kënnt nach keen drun. Wie kënnt drun? Nëmmen ee Riichter kann den Accès ginn. An och nëmmen, wann et drëms geet, fir eng Infraction grave ze poursuivéieren. An Infraction grave kënnt effektiv aus der Direktiv.

Sou, bis elo war Infraction grave alles, wou sechs Méint Prisong drop stoung. Mir soen elo ee Joer. Dat waren och laang Diskussiounen intern mat de Mataarbechter vun deenen zwee Haiser, mam Parquet, déi gesot hunn, wann Der méi héich gitt wéi dat, da kënne mer eis Aarbecht net méi maachen. An e Katalog geet net, well Terrorismus... Et kann ee jo net einfach soen, et ass Terrorismus.

Terrorismus besteet aus villen Infractions primaires, zum Beispill eng Evasioun. Wa mer géifen op zwee Joer eropgoen, wär d'Evasioun aus dem Prisong net méi éligibel. D'Evasioun aus dem Prisong ass awer och oft de Préliminaire fir en terroristeschen Akt ze maachen. Wou ech…

(Interruption)

Also, Dir rennt offen Dieren an, well ech mengen, zënterdeem ech Justizminister sinn, soen ech et. An Dir wäert gesinn, dass ech et maachen. Mir wäerten awer och nach vill Diskussiounen da kréien.

Mäi Problem ass net fir ze soen, all déi doten Infractiounen, déi maachen de Wee op fir „data retention" a Repérage vun Daten. Mäi Problem ass: Muss et wierklech esou sinn, dass eng Infraction à la loi relative aux institutions de la retraite professionnelle sous forme de sepcav, dat ass elo Zousazpensiounen, muss dat sinn, dass eng Infractioun zu esou enger Législatioun, dass do ee Joer Prisong drop steet? Muss et esou sinn, dass op der Dévastation des champs zwee Joer Prisong drop stinn? Muss et esou sinn, dass bei enger Infraction au règlement grand-ducal concernant la vente du pain dräi Joer Prisong drop stinn? Där sinn der nach.

Dat heescht, meng Fro ass net fir ze soen, komm mir kucke fir manner Accès zum Repérage ze ginn an zu den „data retention". Meng Fro ass, komm mir setzen eis auserneen, ob op alles musse Prisongsstrofen hei zu Lëtzebuerg drop stoen. An da wäert Der gesinn, dat ass een Déngen, wou ech wäert mat deem neie Procureur général, soubal en a Fonctioun ass am September, wäerte mer eis zesummesetzen a mir wäerten do kucken, well deen huet och vill doriwwer a senger Aktivitéit als Procureur geschwat, fir ze soen, komm mir setzen net iwwerall Prisongsstrof drop.

Éischtens, natierlech kann ee soen, et schreckt of. Zweetens: Muss een och dowéinst an de Prisong kommen? Dat ass jo dat anert. Muss ee wéinst esou Saachen an de Prisong kommen? Ginn et net aner Alternativstrofen, wann een dergéint verstéisst?

Mir wäerte mat Virschléi kommen, fir wierklech ganz staark ze depenaliséieren, erëm méi eng Hiérarchie de peine ze maachen. Dat wäerte mer maachen. À ce stade ass dat heiten déi beschte Solutioun, fir hei och dem Parquet nach et ze erméiglechen, ze schaffen, fir och d'Kriminalitéit ze bekämpfen.

Dann ass d'Motioun vun der DP hei, déi seet, mir missten alles ëmsetzen, wat d'däitscht Bundesverfassungsgeriicht gesot hätt iwwert d'Konditioune vum Dateschutz.

Dozou zwou Saachen: Kommt, mir maache Lëtzebuerger Gesetz a keen däitscht Gesetz! Well dat sinn och aner Grondprinzipien. De Prinzip vun der Proportionalitéit ënner anerem och. Mä, also, ech kann lech vill Uerteeler vum Bundesverfassungsgeriicht hei bréngen, wou ech net weess, ob do grouss Begeeschterung ëmmer wär. Et ass einfach eng aner Base, Verfassungsbase, an dofir solle mer dat maachen, wat bei eis virgesinn ass.

An do hu mer just dat dës Kéier gemaach, an do sinn ech och ganz frou driwwer, wat d'national Dateschutzkommissioun gär gehat hätt: Net nëmmen e Verweis op d'Gesetz vun 2002 am Rapport, mä wierklech am Artikel 5 (1) geschriwwen, dass all Donnéeë mussen zu dem Gesetz vun 2002 mat all sengen detailléierten Oplage konform sinn.

D'Dateschutzkommissioun huet nämlech zu deem Reglement vu virdrun, d'Bankendonnée…, entschëllegt, d'Bankendonnéeë vun der Sécurité social an esou weider, déi mer virdrun am Projet hate vun den Aides financières, huet d'Dateschutzkommissioun gesot, dass se ëmmer gär esou e Saz dran hätt an dass oft d'Chamber sur Avis vum Statsrot dat net gemaach huet.

Hei hu mer dat gemaach. Hei hu mer den offizielle Verweis gemaach op d'Gesetz vun 2002 op all Bestëmmungen, déi och d'Dateschutzkommissioun virgesäit. Sou dass ech mengen, dass mer dem Geescht vun där Motioun souwisou duerch de Vote vun dësem Gesetz Rechnung droen.

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

M. le Président.- Merci dem Här Justizminister Biltgen. Den Här Bettel huet nach eng Fro.

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Här President, an eiser Motioun si jo fënnef Punkten. Dat ass d'Garantie vun engem „stockage distinct sur des serveurs physiquement séparés et déconnectés de l'Internet" - well ech hunn dat virdru gesot, net dass en Hacker op all déi Donnéeë kënnt. Et ass gefrot, fir dass en „chiffrement basé sur un encryptage asymétrique avec une sauvegarde séparée des

clés d'encryptage" - dat heescht, dass et verschlësselt gëtt op deenen zwou Säiten. Dass de Prinzip vun de véier Aen do sollt do sinn. Et ass d'„journalisation révisable des accès aux données et leur destruction" - dat heescht, dass och duerno zerstéiert gëtt. An et ass, dass d'„correction automatique de fautes respectivement d'erreurs" geschitt.

Et ka jo sinn, wéi ech virdru gesot hunn, dass ech Maile verschécken andeem ech keng verschéckt hunn. An ech wier awer frou, wann dat festgestallt gëtt, dass dat och ewechgeholl gëtt. Dass de Minister mer d'Garantie gëtt, dass awer dës fënnef Punkten, ech mengen, da kéint ee jo dës Motioun hei stëmmen. Well ech hunn elo keng kloer Äntwert kritt, ob de Minister mat deem Prinzip averstanen ass oder net.

M. le Président.- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice, Ministre des Communications et des Médias.*- Mir hunn en Dateschutzgesetz vun 2002 an eng Dateschutzkommissioun, déi do am Detail dat ëmmer nokontrolléiert, nokuckt a mécht. An ech mengen, mir sollen déi Dateschutzkommissioun dat maache loossen. Déi huet ganz villes bewierkt. Dofir wëll ech net hei elo ufänken iwwer technesch Detailer, déi vläicht an Däitschland aneschters kënne fonctionnéiere wéi bei eis, elo op eemol hei en Duercherneen ze maachen an dem Dateschutzgesetz.

Dat gesot, wäerte mer souwisou nach Dateschutzdiskussiounen hei kréien. Well déi nei Justizkommissärin an Europa, d'Viviane Reding gesot huet, dass se engersäits wëllt opgrond vum Lissabon-Vertrag eng horizontal Dateschutzdirektiv brëngen, an da wäerte mer och erëm hei iwwer eisen Dateschutz schwätzen. Iwwregens huet se och gesot, dass am Hierscht se selwer géif wëlle kucken, wéi d'„data retention"-Direktiv an deenen eenzelne Länner duerchgezu gouf. An ech mengen, mir sollen déi doten Aarbechten all ofwaarden. Mir wäerten nach oft genuch iwwer Dateschutz an dëser Chamberskommissioun zesummen diskutéieren.

M. le Président.- Merci dem Här Justizminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Projet de loi 6113 ass ugeholl mat 43 Jo-Stëmmen, géint 10 Nee-Stëmmen a 6 Enthalungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6113 est adopté par 43 voix pour, 10 voix contre et 7 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Raymond Weydert), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi iwwert d'Cassatiounsprozedur. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären...

(Interruptions)

Ah, entschëllegt. Jo, mir hunn nach eng Motioun.

Motion 1

Mir hunn nach eng Motioun, déi vum Här Bettel abruecht ginn ass.

Wëllt nach een zu där Motioun Stellung huelen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da géif ech proposéieren, datt mer direkt iwwert déi Motioun ofstëmmen.

(Interruption)

De Vote électronique ass verlaangt. Da geet de Vote électronique direkt un.

Vote sur la motion 1

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an d'Motioun ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, géint 20 Jo-Stëmmen an 1 Enthalung.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Fernand Boden), MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Marc Spautz), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Da komme mer elo definitiv zum Projet de loi iwwert d'Cassatiounsprozedur. D'Riedezäit ass wéi gesot nom Basismodell festgeluecht an et hu sech ageschriwwen: déi Häre Bettel, Bodry, Braz an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

6. 6108 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 18 février 1885 sur les pourvois et la procédure en cassation

Rapport de la Commission juridique

M. Léon Gloden *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sollen haut e Projet de loi stëmmen, deen d'Prozedur beim ieweschte Geriichtshaff vum Ordre judiciaire, also bei der Cour de cassation méi kloer mécht, fir datt d'Recoursen an Zukunft bei der Cour méi oft recevabel erkläert ginn an domat den Accès vum Bierger an der Biergerin zur ieweschter Geriichtsinstanz besser geséchert ass.

D'Origine vum Projet de loi N°6108 geet op zwou Affären - Kemp an Dattel - beim Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter zréck, wou Lëtzebuerg condamnéiert ginn ass. De Geriichtshaff vu Stroossbuerg huet d'Prozedur bei der Cour de cassation als däraarteg formalistesch considéréiert, wat als Konsequenz huet, datt eng Appréciatioun um Fong vun der eigentlecher Affär quasi onméiglech ass, esou datt den Artikel 6, Paragraph 1 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun an dat domadder verbonne Recht op en équitabele Prozess net respektéiert gëtt.

A wéi esou oft an dëse Fäll, ass et dann un eiser Chamber, d'Gesetz am Sënn vun der Jurisprudenz vu Stroossbuerg ëmzeänneren, och wann an engem rezenten Uerteel vu Januar 2010 d'Cour de cassation scho méi flexibel ginn ass.

De Reproche, datt eis Cassatiounsprozedur ze vill formalistesch wier, ass net emol onbedéngt vum aktuelle Gesetz iwwert de Pourvoi an d'Procédure en cassation, mä, esou den Europäesche Geriichtshaff, villméi duerch eng strikt formalistesch Interpretatioun duerch d'Cour de cassation selwer entstanen.

Dat héicht Geriicht huet effektiv zënter ufanks den 90er Jore strikt Exigenze fir d'Recevabilitéit vu Cassatiounsmoyenë formuléiert. Esou e Moyen kann nëmmen da recevabel sinn, wann e folgend véier Informatiounen enthält: d'Gesetzestexter, déi violéiert gi wieren; déi kritiséiert Motiver vun engem Uerteel; d'Mängel vum attackéierten Uerteel par rapport zum Gesetzestext, dee violéiert gi wier; an d'Solutioun, déi hätt missen zréckbehal ginn.

D'Cour huet och net erlaabt, datt den Demandeur seng Moyenë weider an der Diskussioun développéiert. Ech zitéieren: «Le pourvoi en cassation est une voie extraordinaire de recours. La Cour de cassation statue sur le moyen, mais rien que sur le moyen. La seule indication des textes dont la violation est invoquée ne constitue pas l'énoncé d'un moyen et la discussion qui développe le moyen ne peut suppléer à l'absence de formulation de moyen.»

De Motif vun dëser strenger Jurisprudenz war, dem Cassatiounsgeriicht seng exklusiv Kompetenz ze protegéieren, déi doranner besteet, en droit, an nëmmen en droit ze statuéieren. Mä fir d'Riichter vu Stroossbuerg huet dëse But net eng däraarteg Atteinte un d'Recht op en équitabele Prozess justifiéiert. Dës Jurisprudenz ass disproportionnéiert par rapport zur Atteinte, déi se mat sech brëngt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, iwwert dee mer haut befannen, ass do, fir dësem Defizit en Enn ze setzen. Och wann et sech, esou d'Auteure vum Projet de loi selwer, just ëm eng „réforme a minima" handelt.

D'minimal Reform besteet doranner, den Artikel 10 vum Gesetz iwwert de Pourvoi an d'Procédure en cassation ze modifizéieren. De Projet de loi schléit vir, d'Prezisiounen, déi de Cassatiounsmoyen muss enthalen, genau am Gesetz festzeleeën, esou datt hei d'Cour de cassation keng Appréciatiounsmarge méi huet, déi et hir géif erlaben, weider Formalitéiten ze exigéieren, fir datt e Pourvoi recevabel erkläert gëtt.

Esou muss an Zukunft, wann dëst Gesetz ugeholl gëtt, e Cassatiounsmoyen folgend Prezisiounen enthalen: de Cas d'ouverture, dat heescht déi invoquéiert Violatioun vum Gesetzestext; déi Partie vum Jugement, déi den Objet vum Pourvoi ass; firwat déi invoquéiert Reprochë gerechtfertegt sinn.

Doriwwer eraus, an dat ass den haapt Pluspunkt vun dësem Projet de loi, ass et elo och explizit erlaabt, d'Moyenë weider ze développéieren. Dësen Développementer muss och Rechnung gedroe ginn. Domat gëtt eis Législatioun dem Arrêt Dattel vum Europäesche Geriichtshaff fir d'Mënscherechter gerecht. An dësem Arrêt heescht et nämlech, ech zitéieren: «…le mémoire en cassation doit être considéré dans son ensemble, en ce sens que les requérants doivent avoir formulé leurs doléances à l'égard de l'arrêt d'appel, soit dans l'énoncé du moyen de cassation même, soit au besoin dans la discussion qui développe le moyen».

Eis Cour de cassation huet zwar schonns zënter Januar 2010 dem Arrêt Dattel Recht ginn. Mä mir mussen awer hei dësen Text stëmmen, fir datt mer an Zukunft Condamnatiounen zu Stroossbuerg évitéieren.

De Projet de loi ersetzt doriwwer eraus och d'Expressioun „Avocat-avoué" duerch den neien Titel „Avocat à la Cour". Hei ass haut och e Bréif un de Conseil d'État geschéckt ginn, well am Rapport an der Klausel III gesot gëtt, datt iwwerall wou Avocat-avoué steet dësen Term duerch Avocat à la Cour ersat gëtt. Mä vu datt den Artikel 43 souwisou op engem anere Punkt ofgeännert gëtt an do den Term Avocat-avoué och schonns drasteet, muss den Artikel 43 net nach eng Kéier am Artikel III opgefouert ginn.

De Conseil d'État huet eng weider Vereinfachung vum Gesetz virgeschloen, déi d'Justizkommissioun och iwwerholl huet. Den Demandeur muss net méi selwer um Greffe vun der Cour supérieure de Justice eng Kopie vun dem attackéierten Uerteel déposéieren. Dës Charge soll elo de Greffe vum Geriicht iwwerhuelen. Déi héich Korporatioun proposéiert och, dës Vereinfachung op d'Cassatiounsprozedur am Beräich vum Droit pénal unzewenden.

Mä doriwwer eraus stelle sech fir de Conseil d'État och nach eng Partie fundamental Froen, déi dëse Projet de loi net gekläert huet an déi eist Parlament an Zukunft nach beschäftege wäerten.

Wéi schonns virdu gesot, ass dat hei eng Réforme a minima, déi duerch eng méi déif gräifend Reform muss complétéiert ginn. Woura géif esou eng Reform bestoen?

Den Europäesche Geriichtshaff fir d'Mënscherechter huet relevéiert, datt et zu Lëtzebuerg, am Géigesaz zu eisen Nopeschlänner, keng spezialiséiert Affekote gëtt, deenen hir Aktivitéit exklusiv an de Pourvois en cassation géif bestoen.

De Conseil d'État gesäit awer net doranner den Haaptiwwel vun der Prozedur. Villméi ass et déi ze vill exigent Jurisprudenz vun der Cour de cassation, déi zu den ablécke leche Mëssstänn gefouert huet. Doriwwer eraus misst och eemol gekuckt ginn, ob d'Reform vun der Cassatiounsprozedur net och déi administrativ Geriichter mat abezéie soll. Dëst géif, wuel verstan, eng Modifikatioun vun eiser Constitutioun verlaangen.

Déi héich Korporatioun ass och der Meenung, datt dem Parquet seng Roll an der Cassatiounsprozedur muss iwwerduecht ginn. De Parquet bezitt obligatoresch Stellung, mä d'Parteie kënnen awer net méi op dës Positioun äntwerten. Dat ass ëmsou méi schlëmm, datt d'Cour dem Parquet et erlaabt, e Moyen d'office ze soulevéieren. Hei leien aner potenziell Violatioune vum Recht op en équitabele Prozess vir.

De Conseil de l'Ordre vum Barreau gesäit an de spezialiséierten Affekoten och keng Patentléisung fir déi aktuell Problemer. D'Land ass ze kleng, d'Zuel vun de Pourvoien ze geréng, fir datt et sech fir en Affekot iwwerhaapt géif rentéieren, sech nëmmen exklusiv mat Pourvois en cassation ze beschäftegen. De Conseil de l'Ordre fënnt och, datt déi formell Exigenze vun der Prozedur vereinfacht misste ginn. An der Kommissioun hu mer och kuerz de Punkt ugeschnidden, ob d'Décisioune vun den Ordres vun de Professions libérales kënne vun der Cour de cassation attackéiert ginn oder net. Dëst ass aktuell de Fall scho fir verschidden Décisioune vum Conseil de l'Ordre.

Dir gesitt, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et bleift an dësem Dossier nach esou munches ze maachen. Bis dohinner soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vu menger Fraktiun.

Plusieurs voix.- Très bien!